MAISON DU GRAND-DUC

# Biografie vum Grand-Duc

De Grand-Duc Henri ass de 16. Abrëll 1955 am Schlass zu Betzder op d'Welt komm.

De Grand-Duc Henri, Prënz vun Nassau, Prënz vu Bourbon-Parma, ass den eelste Fils vun de fënnef Kanner vum Grand-Duc Jean an der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte.

De 14. Februar 1981 huet hie sech an der *Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg* mat der Maria Teresa Mestre bestuet. Si hu fënnef Kanner:

- de Prënz Guillaume (1981) – den Ierfgroussherzog,
- de Prënz Félix (1984),
- de Prënz Louis (1986),
- d'Prinzessin Alexandra (1991)
- de Prënz Sébastien (1992).

Zanter dem 7. Oktober 2000 ass hie Staatschef vu Lëtzebuerg.

## Ausbildung an Auszeechnungen

De Prënz Henri ass an de Lycée zu Lëtzebuerg an a Frankräich gangen, wou hien 1974 e *Baccalauréat* krut. Duerno war hien op der *Royal Military Academy* zu Sandhurst an England. Säit 1975 dréit hien de Grad vum Offizéier.

De Prënz Henri huet sech am *Institut universitaire de hautes études internationales (HEI)* zu Genf an der Schwäiz ageschriwwen an huet 1980 mat enger *Licence* ès *Sciences Politiques* seng Studien ofgeschloss. Op der

Universitéit huet de Prënz Henri seng zukünfteg Fra, d'Maria Teresa Mestre kenne geléiert.

1989 gëtt de Prënz Henri zum Éiere-Major vum *Queen's Royal Parachute Regiment* aus England ernannt.

Duerno huet hien eng Rei Informatiouns- a Studiereesen an d'Ausland gemaach, virun allem an Amerika an a Japan.

Tëscht 1980 an 1998 setzt de Prënz Henri am Staatsrot, wat et him erlaabt, säi Wëssen iwwer d'Zesummespill vun den institutionellen a legislativen Strukturen am Land ze verdéiwen.

Vun 1978 bis 2000 ass de Prënz Henri Éierepresident vum *Comité de développement économique*. An deem Kader mécht hie Prospektiounsreesen op déi fënnef Kontinenter mam Zil, den Image vu Lëtzebuerg ze förderen. Esou konnt hien aktiv dozou bäidroen, nei kommerziell Marchéen fir Lëtzebuerg ze erschléissen an och Investisseuren unzezéien. Säi Fils, de Prënz Guillaume, huet dës offiziell Funktioun am Joer 2000 iwwerholl. De Grand-Duc setzt sech awer weider fir d'Promotioun vu sengem Land an, zumools wärend de Staatsvisitte.

## Trounwiessel

De 4. Mäerz 1998 gouf den Ierfgroussherzog Henri zum Lieutenant-Représentant vum Grand-Duc Jean ernannt, eng Funktioun, déi him, nom Ofleeë vum Eed op d'Konstitutioun, eng Bevollmächtegung fir verschidde Beräicher ginn huet. Doropper hat hie sech iwwer all déi Joren als Ierfgroussherzog virbereet.

Am Alter vun 79 Joer huet de Grand-Duc Jean dunn d'Decisioun geholl, no 35 Joer Règne ofzedanken, a sengem eelste Fils den Troun z'iwwerloossen.

D'Vereedegung war de 7. Oktober 2000 an der Chamber, wou de Grand-Duc Henri den Eed op den Artikel 5 vun der Konstitutioun ofgeluecht huet : *« Je jure d'observer la Constitution et les lois du Grand-Duché de Luxembourg, de maintenir l'indépendance nationale et l'intégrité du territoire ainsi que les libertés publiques et individuelles »*.

A senger Trounried ass de Grand-Duc op d'Wäerter vun eiser Gesellschaft agaangen an huet betount, datt d'Fundamenter vun eiser Gesellschaft op Solidaritéit, Justiz, Toleranz, Respekt vis-à-vis vum Nächsten a Mënschlechkeet baséieren.

Déi éischt Visitte vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse no der Vereedegung hu si a Frankräich (9.-10. Oktober 2000), an an Däitschland (11.-12. Oktober 2000) gefouert, wat déi wichteg Verbindung mat denen zwee Nopeschlänner ervirgehuewen huet. Tëscht Abrëll 2001 a Juni 2002 hunn de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse hir *Joyeuses entrées* duerch déi 12 Kantone vu Lëtzebuerg gemaach.

## Funktioun an Aktivitéite vum Grand-Duc

Als Staatschef gesäit de Grand-Duc reegelméisseg d'Membere vun der Regierung an ëmfänkt auslännesch Ambassadeure fir hir *Lettres de créance* entgéintzehuelen oder si ze verabschiden. Hien huet och reegelméissegen Austausch mat de *Forces vives* vum Land, wéi Personalitéiten aus der Politik, der Ekonomie, dem soziale Liewen, der Wëssenschaft, der Kultur oder dem Sport.

De Kontakt mat de Lëtzebuerger ass e wichtege Bestanddeel am Alldag vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse.

Nieft dësen Entrevuen informéiert de Grand-Duc Henri sech iwwer all d'Facetten vum Liewen zu Lëtzebuerg duerch Visitte vun Institutiounen, Associatiounen an

Ausstellungen. Hie geet op Concerten, *Séances académiques* an op Sporteventer. Um wirtschaftleche Plang geet de Grand-Duc reegelméisseg op Visitt an Entreprisen uechter d'Land, deels zesumme mam Ierfgroussherzog. Bei den Aktivitéiten, déi de sozialen oder humanitäre Secteur uginn oder d'ëffentlech Gesondheet, gëtt de Grand-Duc dacks vun der Grande-Duchesse begleet, z.B. bei Visitte vu Spideeler, Alters- oder Fleegeheemer.

E wichtegen Aspekt vun der representativer Funktioun vum Grand-Duc sinn d'Staatsvisitten an offiziell Visitten, déi dem Staatschef d'Méiglechkeet ginn, d'Bezéiungen zu anere Länner opzebauen oder ze verdéiwen. D'Grande-Duchesse ënnerstëtzt de Grand-Duc a senger Funktioun, net nëmmen bei offiziellen Aktivitéiten, mee och am Alldag.

D'Roll vum Grand-Duc am Kader vun der Formatioun vun der Regierung ass duerch d'Verfassung festgeluecht. No de Parlamentswalen ernennt de Grand-Duc de Premierminister. Entweder désignéiert hie fir d'éischt en Informateur, oder hien ernennt direkt e Formateur. De Premier Minister këmmert sech drëm, eng Regierung opzestellen, déi eng Majoritéit an der Chamber fannne wäert.

A senge Riede betount de Staatschef ëmmer nees déi Wäerter, déi d'Jalonen vum Lëtzebuerger Land bilden: Toleranz, Respekt, Dignitéit a Solidaritéit.

An der traditioneller Chrëschtusprooch, déi op Hellegowend diffuséiert gëtt, riicht de Grand-Duc sech un d'Residenten aus dem Lëtzebuerger Land. Hie léisst dat vergaangent Joer Revue passéieren a beliicht dobäi esouwuel aktuell national Uleies, wéi och spezifesch Sujeten am Zesummenhang mat Integratioun an Zesummeliewen. De Grand-Duc riicht sech am Kader vun de Feierlechkeete vun Nationalfeierdag och un déi féierend Perséinlechkeete vun der Natioun.

A besonnesch schwierege Situatiounen, wéi am Kader vun der Covid-19-Pandemie, riicht sech de Grand-Duc och un d'Bevëlkerung a mécht hinne Courage.

Zënter dem Trounwiessel am Joer 2000 dréit de Grand-Duc den Titel vum Generol vun der Lëtzebuerger Arméi.

## Hauts Patronages a spezifesch Intressen

Nieft sengen offiziellen a protokollareschen Aktivitéiten ënnerstëtzt de Grand-Duc eng ganz Rei Associatiounen an de Beräicher Kultur, Sport, Wëssenschaft, Ëmwelt oder dem Sozialen, duerch säin *Haut Patronage*. Hien ass un technesche Fortschrëtter intresséiert, sief et an der Medezin, der *Économie circulaire* oder der Mobilitéit. Nohalteg Entwécklung an d'Bekämpfung vum Klimawandel leien him besonnesch um Häerz.

De Grand-Duc ass Member vum Verwaltungsrot vun der *Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse*, vun där d'Grande-Duchesse Presidentin ass. D'Fondatioun huet sech als Missioun ginn, d'Integratioun vu Persounen an Nout a mat spezifesche Bedierfnisser an der Lëtzebuerger Gesellschaft ze fërderen. D'Fondatioun ënnerstëtzt awer och Projeten an Afrika an an Asien.

Gläichzäiteg hunn de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse bei sëllegen Associatiounen zu Lëtzebuerg den *Haut Patronage* iwwerholl, an d'Membere vun der groussherzoglecher Famill accordéieren dacks en *Haut Patronage* bei punktuellen Evenementer.

Op internationalem Plang ass de Grand-Duc President vum *Galápagos Darwin Trust Luxembourg* an Éieremember vun der Generalversammlung vun der *Fondation Charles Darwin*. Dës Net-Regierungsorganisatioun sëtzt sech a fir d'Erhale vun der Ëmwelt an der Biodiversitéit op de Galapagosinselen.

De Grand-Duc ass och Member vun der *Fondation Mentor*, déi vun der Kinnigin Silvia vu Schweden gegrënnt gouf. D'Zil vun der Fondatioun, déi ënner der Schiermherrschaft vun der Weltgesondheetsorganisatioun (OMS) steet, ass d'Präventioun vum Drogekonsum vu Jugendlechen.

1998 ass de Grand-Duc dem Internationale Olympesche Comité bäigetrueden. Wa säin Agenda et erlaabt, hëlt hien un de Reunioune vun de Membere vum IOC deel. Zanter 1999 ass hien och Member vun der *Commission de la Solidarité Olympique*. D'Promotioun vun den olympesche Valeuren ass dem Grand-Duc en Uleies an hien huet sech praktesch op sämtlech olympesch Summer- a Wanterspiller deplacéiert, fir d'Lëtzebuerger Athleten z'ënnerstëtzen.

## Famill

De Grand-Duc Henri combinéiert säi Familljeliewe mat den Usprécht, déi d'Funktioun vum Staatschef un hie stellt.

De Grand-Duc ass Papp vu fënnef Kanner aus dem Bestietnis mat der Grande-Duchesse, a Grousspapp vu fënnef Enkelkanner:

- de Prënz Charles (gebuer den 10. Mee 2020), Fils vum Ierfgroussherzog an der Ierfgroussherzogin,
- d'Amalia (gebuer de 15. Juni 2014) an de Liam (gebuer den 28. November 2016), d'Kanner vum Prënz Félix an der Prinzessin Claire vu Lëtzebuerg,
- de Gabriel (gebuer den 12. Mäerz 2006) an den Noah (gebuer den 21 September 2007), d'Kanner vum Prënz Louis vu Lëtzebuerg.

Am Joer 2010 huet de Grand-Duc d'Decisioun geholl, de Familljepakt vum Haus Nassau z'änneren fir d'absolutt Ierfrecht op dat éischtgebuerent Kand z'iwwerdroen. Domadder gëtt d'Gläichheet tëschent Männer a Fraen betreffend d'Ierfschaftsrecht op den Troun garantéiert.

## Interessen a Fräizäit

Dem Grand-Duc säi léifsten Zäitverdreif ass d’Literatur, d’klassesch Musek, d’Natur an de Sport: hie geet schwammen, spillt Tennis, fiert Schi a Waasserschi, mécht Segelsport a fiert gäre Moto. De Grand-Duc geet och op d’Juegd, eng laang Traditioun an der Famill, duerch déi de Wëldbestand an d’Fauna a senge Bëscher gereegelt gëtt.

Trotz engem gutt gefëllte Kalenner probéiert de Grand-Duc ëmmer, esou vill Zäit wéi méiglech Zäit mat senger Famill ze verbréngen; dat si Momenter déi hien immens genéisst an déi him et erlaben, z’entspanen an nei Kraaft ze fannen.